


# A propos 9
# Assistance juridique

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Wéi dir aus eiser Info vum Mäerz 2015 wësst, hate mir bei der DAS – Rechtschutz Versécherung besonnesch Conditiounen fir iech ausgehandelt. Déijéineg wou e Kontrakt mat der DAS haten, goufen awer rezent driwwer informéiert, datt d'Allianz – Lëtzebuerg dëst iwwerholl huet a kruten viru e enger Zäit e Recommandé mat der Kënnegung vun hirem Kontrakt zougestallt.

Fir eise Memberen kënnen e Service bei Problemer mam hirem Patron unzebidden, hu mir mat engem Jurist en Ofkommes getraff, deen et iech erméiglecht iwwer d'ALBSC eng juristesch Hëllefstellung ze kréien.

An esou engem Fall kënnt dir iech un e Comitésmember wenden, an him är Situatioun erklären, esou datt mir dann am Comité kënnen driwwer befannen, ob den Dossier un eise Jurist geet. An deem Fall offréieren mir iech dann eng Consultatioun beim Maître Pierrot Schiltz http://www.psw-avocats.lu/fr/l-equipe.html?news=8, déi vun der ALBSC gedroen gëtt an falls et zu engem Dossier kënnt, profitéiert dir vun engem Tarif privilégié vun 200 € / Stonn aplaatz vun den üblechen 300 € / Stonn.

Wëll mir wëssen datt d'Situatioun um Terrain nët ëmmer einfach ass, hoffe mir iech iwwer dëse Wee kënnen e weideren nëtzlechen Service ubidden.

De Conseil d'Administration vun der ALBSC



ALBSC a.s.b.l. 2, rue Kiem L-5410 Beyren http://www.albsc.lu Have a look @
Tel : 691420283 Fax : 760031-326 Mail : president@albsc.lu
R.C.S. Luxembourg F9878 CCPLLULL IBAN LU31 1111 7027 3870 0000